

## 12. 8337 – Projet de loi portant approbation du Protocole d'amendement à l'Accord portant création de l'Organisation internationale de la vigne et du vin, signé à Paris, le 3 avril 2001

Mir kommen elo zum Projet de loi 8337 iwwert d'Verlagerung vum OIV-Sëtz vu Paräis op Dijon. Op Proposition vum der Kommissioun – an ech ënnersträichen dat nach eng Kéier! –, gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. Folgendermoossen huet och kee sech ageschriwwen, fir heiriwwer ze diskutéieren. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kollegeginnen a Kollegen, am Gesetzesprojet 8337 geet et drëms, e Protocole d'amendement zum Accord iwwert d'Grënnung vum der Internationaler Organisatioun fir d'Rief an de Wäin, kuerz OIV, ze ratifizéieren. D'OIV wäert hire Sëtz ab dem Fréijoer 2024 vu Paräis op Dijon verleeën, wat den Objet vum dësem Amendement ass.

Esou wéi et am Accord iwwert d'OIV virgesinn ass, kann all Memberland vum der OIV Ännerungen zum Accord proposéieren. Dës Ännerung gouf vu Frankräich proposéiert, an déi vum Accord virgesinnene Prozedur, déi gouf och à la lettre ugewannt.

Et muss ee wëssen, dass de Bail vum Sekretariat vum der OIV zu Paräis schonn 2019 ofgelaf war an d'OIV zënterhier provisoresch an engem anere Gebai zu Paräis ënnerbruecht ass.

Dräi franséisch Stied a renomméiert Wäiregiounen hu kandidéiert, fir den neie Sëtz vum der OIV ze stellen: Dat ware Bordeaux, Reims an Dijon, déi och allen dräi d'Krittäre vum der OIV erfëllt hunn.

D'Decisioun, de Sëtz op Dijon ze verleeën, gouf den 21. Mee 2022 an der Generalversammlung vum der OIV approvüiert vum allen 39 Memberen, déi deemools an der Generalversammlung present waren.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Claude Wiseler**, Président | E bësse méi roueg. Wann ech ëm Calme kéint bieden, fir datt d'Rapportrice och kann hire Rapport maachen.

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Merci, Här President. D'OIV wäert soumat am Fréijoer d'nächst Joer an den Hôtel Bouchu d'Esterno, en Härenhaus aus dem 17. Joerhonnert am Härzer vum Dijon, plënnere. Et ass eng flott Location, wou een och eng Kéier kéint mat der Kommissioun hifueren.

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mat der ganzer Chamber, Madamm Weydert.

**M. Claude Wiseler**, Président | Madamm Weydert, maacht Äre Rapport.

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Pardon. 1924 ass als Reaktioun op déi international Wäibaukris de Virgänger vum der OIV, dat Internationaalt Wäinamt, gegrennt ginn, fir d'weltwäit Situatioun vum Wäibau ze harmoniséieren.

Den erneierten Accord iwwert d'Grënnung vum der OIV gouf den 3. Abrëll 2021 (veuillez lire: 2001) zu Paräis ënnerschriwwen an duerch e Gesetz vum 22. Juli 2003 vu Lëtzebuerg approvüiert.

D'OIV huet aktuell 50 Memberlänner op fënnf Kontinenten, déi representativ fir d'Produktioun an de Konsum vum Wäin sinn. Aus de Memberlänner stamen nämlech 86 % vum der weltwäiter Wäiproduktioun, an 71 % vum weltwäit produzierte Wäin gëtt an dëse Länner konsuméiert.

D'OIV huet verschidde Kärmissiounen am Wäibau, déi am Konsens mat de Memberlänner festgeluecht ginn. D'Hauptmissioun vum der OIV ass et, international unerkannten a kohärenten Standarde festzeleeën fir d'Hierstellung vum de Produkter aus dem Wäibau. Dëst geet vum Hierstellungsprozess, der Liewensdauer bis bei d'Etikettéierung vum de Produkter, sou wéi se um Enn an de Verkauf kommen. Donieft bedreift d'OIV Fuerschung an diverse Beräicher, fir de Wäibau no vir ze bréngen, sammelt a senge Memberlänner Daten a stellt Statistiken an Analysen zu spezifischen Theemen aus dem Wäibausektor op.

D'OIV ass also eng Plus-value fir Lëtzebuerg, fir eise Wäibau hei, well mer eis zesumme mat de wichtegste Länner, déi aktiv am Wäibau sinn, weltwäit déi selwecht Standarde ginn an esou och kompetitiv um Weltmarché bleiwen.

De Gesetzesprojet gouf de 26. Oktober 2023 an der Chamber vum deemolegen Ausseminister deposéiert an den 30. November 2023 gouf en an d'Commission de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture renvoyéiert.

De Staatsrot huet de Gesetzesprojet den 28. November 2023 ouni Observatiounen um Fong aviséiert an hat awer zwou Bemierkungen d'ordre légistique: Dat war, datt zum Schluss vum Intitulé e Punkt war an datt den Text vum Protocole d'amendement mam Intitulé „Annexe“ direkt huet missen hannert d'Approbatioun kommen.

D'Chambre de Commerce huet dunn den 1. Dezember 2023 och dëse Projet favorabel aviséiert.

An hirer Sëtzung vum 14. Dezember 2023 gouf de Gesetzesprojet vum der Madamm Ministesch Martine Hansen an der zoustänneger Kommissioun virgestallt an den Avis vum Staatsrot a vum der Chambre de Commerce goufen analyséiert. An der selwechter Sëtzung sinn ech zur Rapportrice ernannt ginn an de schrëftleche Rapport ass unanime ugeholl ginn.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an déi verschiddenen Avisen, déi virleien. Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen der Madamm Weydert ...

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Am Numm vum der ...

**M. Claude Wiseler**, Président | A, pardon.

**Plusieurs voix** | Nee, nee!

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Pardon?

**M. Claude Wiseler**, Président | Dat braucht Der net ze soen, well mer hei a sech an engem Modell sinn, wou mer keng Diskussioun hunn a wou och keng Fraktioun da muss eppes soen. Da brauch Är Fraktioun och elo net hei ...

*(Hilarité)*

... e Kommentar doriwwer ofzeginn.

A wann d'Regierung elo och näischt ze soen hätt oder net géif insistéieren, eppes ze soen, da kéinte mer direkt zum Vott eriwergoen.

D'Diskussioun ass ofgeschloss.

A mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8337. Den Text steet am Document parlementaire 8337<sup>3</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8337 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmen fänkt un. D'Votes par procuration. An de Vott ass elo ofgeschloss.

D'Resultat ass dat follgend: Jo-Stëmmen: 60. Nee-Stëmmen: 0. An Enthaltung selbsterständlech dann och keng.

Domat ass de Projet de loi eestëmmeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par M. Marc Lies), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusti Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Taina Bofferding), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chambre d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat elo esou decidéiert.

## 13. Heure d'actualité du groupe politique LSAP au sujet de l'interdiction de la mendicité au Luxembourg

D'Chambre féiert haut de Mëtten – oder plutôt schonn haut den Owend – eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Heescheverbuet, déi vum der LSAP-Fraktioun ugefrot gouf.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chamberreglement festgehalen. D'Auteure vum der Aktualitéitsstonn hunn zéng Minutten. D'Fraktiounen an d'Sensibilitäten hu jee weils fënnf Minutten. D'Regierung huet 15 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, d'Madamm Lydie Polfer, den Här Fernand Kartheiser, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. D'LSAP-Fraktioun huet decidéiert, datt se d'Riedezäit vun den Auteuren, déi zéng Minutten, déi se huet, ënner zwee Auteuren deelt, der Madamm Bofferding an dem Här Biancalana. A wéi ech gesinn, fänkt d'Madamm Bofferding un. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

### Exposé

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Här President, mir hunn dës Aktualitéitsstonn ugefrot, well mer et net